

De Finanzement vun zukünftege groussen Infrastrukturprojets'en kläeren an ofsécheren

Interventioun vum CSV Deputéierte Fernand Boden am Kader vun „Débat sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'Etat“

Här President, Kolleginnen a Kollegen,

Säit 2006, respektiv säit 2009 ënnert liicht ofgeännert Form, maache mir jo all Joer ëm dës Zäit den Exercice, wou mir iwwert de Finanzement vun zukünftege groussen Infrastrukturprojets'en schwätzen, déi méi wéi 10 Milliounen Euro kaschten. Dir sidd alleguer am Bild iwwert dës Prozedur, sou datt ech direkt zur Saach ka kommen.

Den 18. September huet den Nohaltegekeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler der zoustänneger Chambercommissioun eng Rei vu Projets'en presentéiert, déi an de nächste Joere solle realiséiert ginn. Ech huelen des Projeten elo der Rei no duerch, esou wéi se eis och deemools virgestallt gi sinn.

Ech fänken un mat de Projetsen vun der Administration des Bâtiments publics – Bauverwaltung an der

Extensioun vum europäesche Geriichtshaff um Kierchbiérg

Dës Vergrößerung ass an enger Zesummenaarbecht mat den europäeschen Autoritéiten ausgeschafft ginn. An der Commissioun ware mir eis séier eens, datt dës Projet ganz wichteg ass, fir de Fortbestand vum europäesche Geriichtshaff hei zu Lëtzebuerg. Heidrun hänken, wann alles bis fäerdeg ass, dann eng 3000 Aarbechtsplazen.

Bei dësem Projet muss een ervirhiewen, datt eng Conventioun tëschent der Cour de Justice an dem Lëtzebuurger Staat, d'Locatioun an dann de Kaf vun de Gebaier regelt. De Projet gëtt vum Staat préfinanziert an d'Bauverwaltung ass mam Bau vum Gebai beoptragt. D'Cour de Justice rembourséiert d'Kapital an d'Zësen iwwert eng Periode vun 20 oder 25 Joer a gëtt, da wann alles zeréckbezuel ass, och Propriétaire vum Immeuble.

Ech wëll ënnersträichen, datt d'Aarbechte vun der 4. Extensioun, deene mir duerch d'Gesetz vum 18. Dezember 2009 gréng Luucht ginn haaten, am Juli 2013 fäerdeg ginn.

De Bauprogramme vun der 5. Extensioun gesäit folgend Entitéite vir: d'Generaldirektioun vum Personal an de Finanzen, d'Generaldirektioun vun den Infrastrukturen, de Service vum Conseiller juridique fir déi administrativ Affairen, d'Generaldirektioun Bibliothék an Dokumentatioun, d'Unitéit "Audit interne" an een Deel vun der Generaldirektioun vun der Traductioun.

D'Bruttofläch, déi geschaf gëtt beleeft sech op 43.700m² fir d'Gebaier plus 5.900m² fir en ënnerierdesche Parking. D'Gesamtkäschte ginn op 151.800.000 Euro geschat.

Här President, Dir Damen an Dir Hären,

Vun der Europäescher Justiz ginn ech dann elo eriwwer op déi national. Den zweete Projet ass nämlech

D'Erneuerung an den Ausbau vum Palais de justice zu Dikrech

Nieft der Vergréisserung vum Gebai steet hei och nach eng energetesch Sanéierung un. An der Commissioun hate mir e ganz interessanten Austausch an eng flott Diskussioun iwwert dëse Projet:

Sou ass z.B. d'Fro opgeworf ginn, ob et dann net besser wier zu Diekirch ee ganz neit Geriichtsgebai ze bauen? Dës Alternative war vun der Bauverwaltung ugeduecht, ass awer verworf ginn, well keen adequaten Terrain zur Verfügung steet. Am Kader vun dësem Projet gëtt och de Sécherheetsniveau vum Gebai verbessert.

D'Ästhetik vum Gebai bréngt mat sech, datt d'Aussefassade selbstverständlech erhale bleift, sou datt d'Moosname fir d'Energiesanéierung sech op de Banneberäich konzentréieren, wéi z.B. d'Ersetze vun de Fënsteren oder d'Isolatioun vum Daach.

D'Bauverwaltung ass och a stännegem Kontakt matt de Responsable vum Justizministère fir beschtméiglechst op déi aktuell an zukünfteg Besoins'en anzegoen. D'Bruttobaufläch beleeft sech op 3.100m² an et sollen am Gebai Raimlechkeete geschaf gi fir 12 Magistraten, 13 Greffiers'en vum Geriicht a fir 7 Magistraten an 10 Secrétaires vum Parquet. Et sinn och 1 Salle de séance, 1 Sall fir d'Affekoten, 1 Salle d'Audience an 2 Chambres du Conseil virgesinn.

D'Käschte belaafe sech op 12.000.000 Euro.

De Lycée Mondorf-les-Bains

Zesumme matt dem Bau vu Lycéeën zu Klierf an Déifferdeng ass de Bau vun engem Lycée zu Mondorf an der 2. Phase vum Plan directeur sectoriel "Lycées" virgesinn. Dëse Projet ass nach ganz am Ufanksstadium an et ass weder e präzisen Datum nach e Budget festgeluecht.

De Minister freet den Accord vun der Chamber fir datt de Comité d'acquisition sech op d'Sich no gëeegenten Terrains'en maache kann an datt een dono mat de Planungen ufänke kann. Virgesinn ass eng Capacité d'accueil vun 900-1200 Schüler fir ronn 50 Klassen. Ugebuede gëtt souwuel den Enseignement secondaire technique wéi och den Enseignement secondaire.

Ausbau vun den Ateliers Kräizbiérg zu Diddeleng

Hei ass virgesinn nei Atelierer um aktuelle Site vun der Fondatioun Kräizbiérg zu Diddeleng ze bauen. Wann da souwisou um Site geschafft gëtt, gëtt dovu profitéiert fir en neien Accès fir d'Autoen ze amenagéieren.

Dës sollen net méi matten duerch de Site musse fueren, wat aus sécherheetstechnesche Grënn jidderengem aliicht.

Am Projet ass net nëmme virgesinn nei Ateliers'en ze bauen, mä och déi bestehend Gebailechkeete ginn de modernen Ufuerderungen a Standards'en ugepasst. Laut Bauprogramme gëtt en Département administration, en Département créatif et artisanal, en Département Prestations et Services a en Département multi-print geschaf. Insgesamt gëtt ee Volume vun 8630m³ ëmgebaut an et gin 25.000m³ nei gebaut.

D'Zuel vun den handicakéierte Persounen, déi um Site schadden, wäert vun haut 100, mëttelfristeg op ronn 200 eropgoen. D'Gesamtkäschte vum Bauprojet belaafe sech op 22.000.000 Euro.

D'Instandsetzung an d'Renovéierung vum Thermalbad zu Mondorf

Wéi Dir all wësst, regroupéiert den Domaine Thermal verschidden Aktivitéiten op engem selwechte Site: den Thermalismus mat de Soins'en am Kader vun enger verschriwwener Therapie, de Spa, d'Wellness a Fitness an d'Hôtellerie a Restauratioun.

D'Gebäier "Les thermes" a "Parc Hôtel", déi an de Joren 1985 resp. 1988 gebaut gi sinn, brauchen esou lues eng grouss Renovatioun fir sech deenen neie Besoinë, Normen a Virschrëften unzepassen.

Den Deel "Santé" vum Projet besteet doran, datt gréisser Renovéierungs- a Moderniséierungsarbechten an awer och eng Reorganisatioun duerchgefouert ginn. Den Deel "Mondorf Domaine thermal" betrëfft d'Beräicher "Wellness a Fitness", "Spa" a "Parc Hôtel".

Den Deel "Gebäier", besteet doran all d'Gebäier den neien Ufuerderungen a puncto Sécherheet, Technik, Energie unzepassen. Et handelt sech hei ëm Bruttofläche vun 31.000m² a Volume vun 125.000m³. Eng Prokjectioun vun de Käschten gëtt et nach nët.

Bei dësem Projet muss een awer ënnersträichen, datt de Staat nëmme d'Deeler "Santé" a "Gebaier" bezuelt. Et ass évident datt d'Renovatioun vun de Beräicher "Wellness, Fitness, Spa an Hôtel" net vum Staat bezuelt ginn, mä vum Centre thermal et de Santé selwer. Et kann een awer Zäit a Geld spuere wann een de ganze Projet zesumme realiséiert an et just ee grouse Chantier gëtt.

Well de Staat Propriétaire vun alle Gebäier ass, muss hien d'Commodo-Incommodo Gesetzgebung anhalen an och dofir sämtlech Käschte beim Deel "Gebaier" selwer droen.

D'Bauverwaltung huet der Commissioun eng detailléiert Note iwwert d'Opdeele vun de Käschte vum ganze Projet zougestallt, grad esou wéi eng Kopie vun der Conventioun tëschent dem Centre thermal et de Santé an dem Staat.

Här President, Dir Damen an Dir Hären,

Dat war dee leschten Projet vum Volet "Bâtiments publics", elo kommen ech zum Volet

Fonds des Routes

an zwar déi nei N3 – Modulen Nord an Central, d'Verlängerung vum Boulevard Raiffeisen/ CR231 Richtung Z.A. Houwald an d'Ofännerung vun den Echangeuren Hesper a Gaasperecher Kräitz, Aménagement vun de Stroossebauinfrastrukture fir den Transport am Midfield. Dëst si wichteg Projete fir de Sud Accès an d'Staat. Jiddereen dee schonn ee mol an de Spëtzestonnen hei am Stau stoung, weess wéi noutwendeg dës Aménagementter sinn.

Déi "nei N3"...

... hëlt hiren Départ südlech vun Alzeng, gëtt dann un d'Rue des Scillas ugebonden a verlängert sech da vun der Rue Rangwee aus laanscht d'Eisebunnsinstallatiounen fir dann erëm virum Pont Buchler zu Bouneweg op d'Route de Thionville ze stoussen.

De ganze Projet "nei N3" besteet aus 3 Moduler – Nord, Central a Sud – déi an der MODU Stratégie als "nei N3" definéiert sinn. Heiduerch kann ënnert anerem d'Route de Thionville zrëckgestuft ginn an et erlaabt eng generell a fundamental Neigestaltung vum öffentleche Raum an den Uertschaften Alzeng, Fenténg, Hesper, Houwald souwéi dem Quartier Bouneweg. Heiduerch ginn déi bestehend Stroossen dauerhaft vum Verkéier entlaascht, wat jo dann eng däitlech Verbesserung vun der Liewensqualitéit fir déi concernéiert 25.000 Awunner bedeit.

Beim Projet ëm deen et haut geet, handelt et sech ëm d'Modulen Nord a Central vun der N3. D'Chamber hat jo, an der Motioun vum leschte Joer am Kader vun dësen Diskussiounen, schonn hiren Accord gi fir de Module "Sud"!

De Module "Nord" ass onëmgängelech fir déi aktuell N3 ze reorganiséieren, am Hibleck vun enger Verlängerung vum Tram vun der Gare aus a Richtung nei Quartiere Ban de Gasperich, Midfield an Z.A. Houwald, respektiv en Uschloss un d'Pôles d'échange Houwald, Cloche d'Or a Bouneweg, sou wéi se am MODU definéiert sinn.

De Module "Central" gëtt den Zoufahrtsweg an déi nei Quartiers Ban de Gasperich, Midfield an Z.A. Houwald a verbënnt déi nei N3 am Beräich Rue des Scillas/ Rangwee matt der Gare. An da soll de Module Central och eng Kéier d' Streck fir den Tram ginn an et ginn hei och Moosname geholl, fir dem Bus Prioritéit ze ginn.

Éischten Estimatiounen noo wäerten déi 2 Modulen 52.100.000€ kaschten.

D'Verlängerung vum Boulevard Raiffeisen/CR231 Richtung Z.A. Houwald ...

... garantéiert den Uschloss un d'Autobunnsnetz a stellt och eng performant Kräizung mat der neier N3 duer. Daat erméiglecht och e wichtige Verkéiersdräieck ze schaafen mat dem Boulevard Raiffeisen, der Rue des Scillas an dem Boulevard Kockelscheier. Dësen Dräieck stellt

d'Hauptverbindungsachsen tëschent deen neie Quartiers Ban de Gasperich, Midfield an Z.A. Houwald duer.

De Projet begräift och nach d'Ëmänerung vun den Echangeuren Hesper a Gaasperecher Kräiz an den Aménagement vun de Stroosseninfrastrukturen am neie Quartier Midfield. D'Käschte vum gesamte Projet ginn op 94.400.000€ geschat.

Et sief awer gesoot, datt et sech bei all dëse Projeten net ëm déi definitiv Pläng handelt, mais just ëm eng Ebauche, déi nach ka geännert ginn, wann et bis esouwäit ass. Ausser am Midfield, ass och kee weideren Ausbau vun de Capacitéite fir den Individualverkéier virgesinn. Wann d'Stroosse verbreedert ginn, da just fir den ëffentleche Verkéier.

Den nächsten an domatt och leschte Projet aus dem Fonds des routes ass dee vun der

Sanéierung vum Viaduc Sernigerbaach.

Dat seet deene meeschte vun Iech wuel spontan net vill. Wann ech iech awer soen, datt dat d'Autobunnsbréck op der A1 op der Héicht vu Waasserbëlleg just virun der Grenz matt Däitschland ass, da gin ech dovun aus, datt dir bestëmmt schon emol doriwwer gefuer sidd..

Dëse Viaduc, deen tëschen 1983 a 85 gebaut ginn ass, muss aus statesche Grënn sanéiert ginn. Et handelt sech heibä a sech ëm 2 parallel Brécke fir all Fahrtrichtung eng, matt enger Gesamtlängt vu 605 Meter.

Well op der A1 jo awer vill Verkéier ass, gëtt virgeschloen d'Aarbechten a Phasen auszeféieren, déi et erlaben de Verkéier méiglechst onbehellegt weiderlafen ze loossen. Et gëtt geschat datt d'Aarbechten 30 Méint wäerten daueren an 10.800.000 Euros kaschten.

Här President, Kolleginnen a Kollegen,

Elo kommen ech dann zu de Projete'en **vum Fonds du Rail.**

Lass geet et mat der

Moderniséierung vun der Ligne Lëtzebuerg – Klengbetten.

Dëst ass en héich technesche Projet, sou dass ech mech bei mengen Ausféierungen op dat Wesentlecht limitéieren a fir de Rescht bieten, den Detail a mengem schrëftleche Rapport nozeliesen.

Hei ass virgesinn d'Ligne Lëtzebuerg-Klengbetten ze réelektrifizéieren, de Bunniwwergang matt Barrière zu Klengbetten ofzeschaffen a Foussgängeriwergang iwwert d'Gleisen ze bauen.

Am Kader vum Projet EuroCap-Rail haat d'Chamber schon am Dezember 2006 hieren Accord gi fir eng Optimisatioun vun der Ligne Lëtzebuerg – Klengbetten.

Virum Hannergrond vun der wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun ass awer decidéiert ginn dëse Projet an der Zäit ze strecken an an 3 Phasen opzesplécken. Dës dräi Phasë sinn d'Erneierung vun de Stellwierker,

d'Modifikatioun vun den Installations de traction électrique an och d'Aarbechten un der Streck selwer a verschidde Bauten. Duerch d'Gesetz vum 19. Juni 2012 ass déi éischt Phase autoriséiert ginn.

Am Oktober 2011 hu mir heibannen och eisen Accord de Principe gi fir déi 2. Phase vum Projet. Am Laf vun den Etudë fir des 2. Phase ass festgestallt ginn datt Aarbechten un dräi Foussgängeriwwegäng néideg sinn, an zwar déi beim Mamer Lycée, zu Mamer selwer, an zu Klengbetten.

Des weidere wäerten zu Klengbetten d'Schinnen zukünfteg esou sinn datt och hei den aktuelle Foussgängerpassage, duerch e gebauten Iwwergang muss ersat ginn. Dës Léisung gëtt och méi bëlleg. De Gesamtkäschtepunkt beleeft sech viraussiichtlech op 65.000.000 Euro.

Den nächste a leschte Projet ass dee vun der

Gare zu Esch-Uelzecht: Réaménagement an Ausbau vum Bâtiment Voyageurs

Dës Projet gëtt am Kader vum Bau vun der neier Jugendherberge um Site vun der Gare zu Esch realiséiert. Et ass virgesinn déi 270m² Geschäftsflächen um RDCH ze reamenagéieren an eng ronn 1800m² Büroflächen, verdeelt op 5 Stäck, iwwert dem Hall vun der Gare ze schafen.

Momentan gëtt geschat, datt dës Projet eng 12.500.000 Euro kaschte wäert. Een Drëttel heivunner géif fir d'Instandsetzung vun dem bestehende Gebai fir d'Voyageuren opgebraucht ginn. Déi nei Geschäftsfläche solle verlount ginn, waat ongeféier 588.000 Euro u Loyer all Joer soll erabrénge. Wann een dovun d'Ënnerhalts- a Gestionskäschten an der Héicht vun 117.000 Euro ofzitt, da bleiwen nach eng 471.000 Euro Rescht pro Joer. An als fréiere Mathesprof huet een da séier am Kapp ausgerechent, datt den Invest domatt no 27 Joer amortiséiert ass.

Hei ass awer nach ervirzehiewen, datt, éier matt dësem Projet ugefaang gëtt, déi bestehend Geschäftsfläche renovéiert a moderniséiert ginn, well se awer och guer nët méi den aktuelle Critère vu Confort fir d'Clients'en an d'Benotzer vum öffentliche Transport gerecht gin. Dëst soll 1.050.000 Euro kaschten.

Här President, Kolleginnen a Kollegen,

Dëst war de leschte Projet vun der Lëscht, déi ech iech fir haut virgestallt hunn. D'Kommissioun hat weider keng Bedenken bei all dësen Projets'en an huet follech e favorabelen Avis dozou ofginn.

Am Numm vun der Kommissioun froen ech dann och d'Chamber hiren Accord ze gi fir datt déi néideg Etuden a Planunge fir d'Realisatioun vun dësen wichtegen Infrastrukturprojets'en kënnen an Ugrëff geholl ginn.

Ech erlaabe mer, Iech Här President, eng dementspreechend Motioun ze iwerreechen, a gin och gläich d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dëser Motioun.

Ech soen iech Merci.